# Rapport de réunion de la Commission du climat et de l'environnement

Date de la réunion : lundi, 29 avril 2024
Lieu de réunion Centre Prince Henri, Walferdange
Heure de début : 19:00
Heure de fin : 20:30

**Participantë, Memberen vun der Kommissioun :**
1. Romain Breuer
2. Laurent Hennes
3. Alain Hennes
4. Marie-Anne Leyder
5. Michèle Schmit (Sekretärin)
6. Richard Lütteke (President)
7. Mike Crawford, ersat duerch de Guy Urbany
8. Astrid Sigl, absente (excusée), net ersat
9. Laurent Schanck
10. Guy Medinger
11. David Michels
12. Ricardo Baptista Barra
13. Ghislain Mbumbet

**Participantë, Memberen vum Groupe de travail (participation citoyenne):**
1. Carl Stever, excusé
2. Anne-Marie Theisen
3. Joël Fritz
4. Mireille Weisgerber
5. Chantal Zeyen

**Ordre du jour**
1. Revue de la mise en place du projet « Gemeinschaftsgaart
2. Concept d'ombrage développé par le Klimateam
3. Sessions d'information : Le changement climatique dans la vallée de l'Alzette : risques et réponses
4. Divers
    a. Feedback de Mme Duchamp aux questions posées lors de la dernière réunion
    b. Fixation des prochaines réunions

**1. Revue de la mise en place du projet « Gemeinschaftsgaart**
Et waren iwwer 40 Leit dorun interesséiert fir eng Parzell ze kréien, d.h. all Parzelle goufe besat. Den 29. Mäerz gouf sur place eng Reunioun gemaach, wou duerch Lous entscheet gouf, wie wéi eng Parzell kritt. Et goufe Kontrakter ausgedeelt, an déi koumen och all ënnerschriwwen zréck.

Déi final Präisser:
75€ fir eng grouss Parzellen
35€ fir déi kléng Parzellen/Hochbeeter
Dëst ass inklusiv Elektresch.

Weider Fakten:
- Date Limite fir spéitstens eppes an der Parzellen ufänken mat uplanzen ass den 1. Juni
- Et ass och geplangt eng Aweiungsparty ze maachen
- Desweideren wäert och nach e Reewaassersystem installéiert ginn
- D'Formatioune fänke gläich un, déi éischt geet iwwer de Kompost
- Et gëtt Potenzial fir d'Gemeinschaftsgäert ze erweideren

- Et gëtt elo och eng Waardeléscht

Fro 1: Wéi eng Zort vu Vélosstänneren sollen dohikommen?
> et sollen Anstänneger dohikommen, mat engem U-Bigel, net déi Kléng fir de Vëlo eran ze rullen. Warscheinlech aus Holz.

Fro 2: Ka jiddereen sech fir d'Formatiounen umellen oder just Parzellebesëtzer?
> Jiddereen. D'Informatiounen an Umeldunge sinn iwwer https://eisegaart.cell.lu/

**2. Concept d'ombrage développé par le Klimateam**
> Wéi eng Zort vu Beem ee wou ka sëtze fir méi Schied ze kréien. Eng vun dëse Plazen ass d'Spillplaz an der Rue de l'Alzette
Allerdéngs ginn et vill Contrainté fir d'Beem op de Spillplazen: se sollen net gëfteg sinn, wa méiglech lokal Zorten, hëtzeresistent, keen Eichenprozessionsspinner oder änlech Schädlingen unzéien etc.

Feedback vun der Kommissioun: Allgemeng war een sech eens fir direkt méi grouss Beem sëtzen, keng “Zahnstocheren” mee och keng riseg Beem, well déi Schwieregkeeten hu fir unzekommen.

Diskussioun ronderëm méi Flächen ze entsigelen
> et ass jo geplangt datt de Walfer Schoulhaff an Zukunft entsigelt gëtt.
> Bärel bei der Schoul, do wier et schwiereg well do ass Parking drënner.
> De Parking vum Cactus geet net well deen ass privat.
> Et goufen 2 Säitestroossen zu Bärel genannt, déi immens breet sinn, wou et awer net néideg wier. Déi kéinte manner sinn, d.h. entsigelt ginn an et kéint méi Schied/Beem dohin kommen. Et gouf awer och erwäänt, datt allerdéngs d'Bewunner net ëmmer e Bam virun hirem Haus wëllen hunn.

2 weider Iddien:
1. um Dag vum Bam am November, kéinten d'Kanner mathëllefe fir Beem ze sëtzen.
2. Beem sëtze fir déi Kanner, déi an deem Joer gebuer goufen. E Bam pro Joergang, mat enger Täfelchen dobäi mat de Nimm vun de Kanner, déi an deem Joer gebuer goufen an och wéi eng Zort Bam et ass. Et misst een just mam Dateschutz kucken, mee aner Gemenge wéi Luerenzweiler a Stroossen (?) maachen dëst scho säit Joren. Eng méiglech Plaz fir Beem ze sëtze wier uewe beim Trimparcours-Parking/-Spillplaz.

**3. Sessions d'information : Le changement climatique dans la vallée de l'Alzette : risques et réponses**
Et ginn heizou 4 Veranstaltungen: 2 sinn allerdéngs schonn eriwwer.
Méi Informatiounen ënner:
https://bibe.cell.lu/fr/initiative/changement_climatique_dans_la_vallee_de_lalzette

**4. Divers**
**a. Feedback de Mme Duchamp aux questions posées lors de la dernière réunion**
**1.** Kann eng renaturéiert Wëllblummewiss nach vu Kéi beweed ginn?
> Wann eng Wiss renaturéiert gëtt handelt et sech meeschtens herno ëm eng 65/10 extensiv Méiwiss a kann net méi vu Kéi beweed ginn. Fir d'Blummevielfalt héisch ze halen, ass et wichteg datt d'Wiss sou spéit wéi méiglech geméint gëtt, sou kënnen d'Blummen ausbléien an sech selwer fortplanzen. Et ass och wichteg datt de Buedem Nährstoffarm bleift, well da kënne sech d'Blumme besser géigeniwwer de Grieser duerchsetzen. Wann en d'Kéi géif d'Wiss beweed loossen, da géifen si d'Blummen iessen ier si sech fortplanze kënnen an hir Ausscheidunge giffen Nährstoffer an d'Wiss bréngen.

**2.** Ween ënnerhält d'Wëllblummewiss nodeem se ugeluecht gouf?

> Nodeems d'Blummewiss vun der Sicona ugeluecht gouf, probéiert d'Sicona d'Aarbecht fir de Liewensraum oprecht ze erhalen, ze dezentraliséieren. Wann d'Blummewiss also am Oppeland ugeluecht gëtt, da gëtt si d'Aufgab d'Blummewiss ze méinen un e Bauer weider. Mat dem Bauer gëtt e Biodiversitéitsvertrag opgestallt de virschreift wéi de Bauer d'Wiss ze ënnerhalen huet fir datt de Liewensraum oprecht erhale bleift.
Wann d'Blummewiss am urbane Raum ugeluecht gouf, da gëtt se herno vun der Gemeng gepflegt.

**b. Fixation des prochaines réunions**
Déi nächst Reunioun wäert Méindes de 24/06/2024 sinn, wou den Här Lichtenberger de 10 Joresprogramm fir d'Holzfällen virstellt.

**c. Allgemenge Feedback/Diskussioun:**

- Poubellen:
  - Recycling-Poubellen op de Spillplazen
    > Feedback vun der Gemeng: Bréngt et eppes? Musse si den Tri maachen? Gëtt et Statistiken?
  - Eng gutt Partie Poubellen missten en Deckel kréie fir datt d'Kueben/Wäschbieren d'Saachen net erauswerfen. Z.B. um Raschpëtzer Parking
  - Verschidde Poubelle sinn och ze kléng an da leit de Knascht donieft. Z.B. nees um Raschpëtzer Parking.
    Méiglech Léisung: D'Gemengenaarbechter solle melle wéi eng oft voll sinn.

- zu den Themen: Ëmwelt, Klima, Energien. Iddien:
  - Fir eng besser Iddi vum Wee vum Plastik ze kréie koum de Virschlag fir e Besuch a Virtrag vu Valorlux unzefroen, fir de Prozess erkläert ze kréien. Dëst kéint dann och als Artikel z.B. am Buet mat de Leit gedeelt ginn
  - Centre de Ressources:
    > e gemeinsamen Centre de Ressource mat Steesel an anere Gemengen zesummen, dëst ass nach net fest/offiziell, well et ass schwiereg eng grouss Plaz mat Accès ze fannen.
    > den aktuelle Recyclingcentre wäert elo Samschdes de ganzen Dag op sinn.
    > Iddi fir am Sënn vum Recycling eng Aart Austauschplaz organiséieren
    > et bräicht ee méi kloer Informatiounen zum Thema Kleeder recycléieren: wou kommen déi duerno hin, ginn se nach verwert, wéi eng aner Méiglechkeeten ginn et, wéi z.B. d'Kleederstuff vun der Walfer Par.

- De Walfer Buet bzw. wéi d'Leit informéieren iwwer wichteg Themen:
  - Et koum zu enger Diskussioun iwwer de Buet, wou sech gefrot gouf wéi vill Leit e liesen? Wéi kann ee Leit soss erreechen? De Sproochen? Op eng digital Form kéint funktionéieren?

- Formatioun Green Events
  - Et soll nogefrot gi fir d'Powerpoint / Dokument vun der Formatioun vun 2 Stonne vum ORT Mëllerdall a Klimabündnis ze kréie fir sech e Bild ze maache vun der Green Event Formatioun.
  - Et bräicht een och e Verzeechnis vun de Gemengeklib fir déi ze invitéieren.

- Positive Feedback:
  - Rue Dicks/rue de l'Europe: de System vum Fauchage tardif/spéide Méinen a fir am fréie Fréijoer just e proppere Rand ze méien, ass super an dëst misst méi gemaach ginn.

Le Président,
Richard Lütteke

La secrétaire,
Michèle Schmit